N° 5265
Reçue le 23.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5265 vum 19. November 2021 vum honorabelen Députéierten Här Sven Clement.

1. Firwat gouf entscheet am Wocheréckbléck just nach d'Impfquote vu komplett geimpfte Persounen iwwer 12 Joer ze kommunizéieren ?

Aus epidemiologescher Siicht ass et méi korrekt den Impftaux op d'Populatioun ze berechnen déi éligibel ass fir sech impfen ze loossen (also Leit ab 12 Joer) wéi op d'Gesamtpopulatioun well do en Deel mat drënner fält (0-12 jäereg Kanner) déi de Moment nach keen Accès zur Impfung hunn. Wann an deenen nächsten Wochen déi éicht Kanner ab 5 Joër bis iwwert en kompletten Impfschema verfügen, waerd een den generellen Impftaux vun der Populatioun och ab 5 Joer berechnen kënnen.

2. Wat mécht d'Regierung, fir d'Vergläichbarkeet vu statisteschen Zuelen, am Kader vun der Covid-Pandemie, esou gutt et geet ze assuréieren?

Et ass un deene verschiddenen Organismen, déi statistesch Zuelen publizéieren, dofir ze suergen eng Vergläichbarkeet zwëschen de Länner z'assuréieren an deemno déi verschidden Taux'en op Basis vun eenheetleche Critère mateneen ze vergläichen. Dëst kann deemno wéi awer schwéier ëmsetzbar sinn well d'Impfstrategie vu Land zu Land variéieren an deemno net an all Land déi selwecht statistesch Zuelen disponibel sinn.

Den ECDC (European Center for Diseases Prevention and Control) beméit sech op sengem Internetsite d'Donnéeën vun all den europäesche Länner bereet ze stellen a Vergläicher op Basis vun eenheetleche Critèren opzestellen.

3. Wéi erkläert sech d'Ministesch d'Aussoe vum Haut Commissaire am Interview am L'essentiel? Huet hien hei ënnerschiddlech Donnéeën matenee verglach?

D'Ausso vum Haut-Commissaire huet sech fir Lëtzebuerg ob déi Leit iwwer 12 Joer, dat heescht déi Leit déi kënne geimpft ginn an déi eng éischt Dosis gesprëtzt kruten, bezunn.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert